**Merci, dass der eis am ganze Stress 2 Minutte schenkt, fir dës puer Sätz ze liesen :**

Fir äech d'Liewe méi einfach ze man an de Sciencen-Unterrecht ze ënnerstëtzen, hu mer un enger digitaler Offer geschafft.

Op www.naturschoul.lu d'Rubrik SORTIEN A RALLYEN :

- eng Tabell mat ganz ville Plazen, wou Klassen sech dobaussen ophale kënnen
- eng Rei « Trëppel-Tier » mat Koart an Erklärung aus dem Raum-und-Zeit-Classeur
- eis Rallyen (mat Opléisung) fir aus der Sortie eng spannend Enquête ze man

Op www.naturschoul.lu d'Rubrik QUIZ

- eis Fréijoersquizzer, mat Linken op Texter a Filmer a Mol-Virlagen, fir all Cycle adaptéiert
- ee Link op eise YouTube-Channel mat 10 Minutte laange Filmer iwwert d'Natur
- eis Quizzer zu eise YouTube-Filmer

Um OneDrive kritt all Déifferdenger EnseignantE een Accès, op eis DOSSIERS PEDAGOGIQUES:

- Mär hunn äech an eiser VIDEOTHEIK ee Choix gemaach vun Filmer, di gutt bei eis Theme passen. Där kënnt se als Vir-oder Nobereedung asetzen, wann der an d'Naturschoul kommt oder onofhängeg dovun an ärem Cours. Mär probéiere lues a lues, zu de meeschte Filmer ee Questionnaire auszeschaffen.

- Da fannt der hei och en Dossier MATERIALIEN mat Oarbechtsblieder, Bastel-Proposen, Experimenter, Gedichter. . . Déi kënnt der och nach Belieben asetzen.

- Bei de QUIZZER fannt der eis Fréijoers- a Film-Quizzer als Word-Dokument fir se adaptéieren ze kënnen a mat den Opléisungen.


- Mär hunn äech och eis HANDOUTE vun der JOERESZAITE-FORMATIOUN heihi gesat.

Wann der wëllt Zougrëff op des Dossiere kréien, da musst der folgende Link an ärem Browser aginn:

https://365education.sharepoint.com/sites/DossierspdagogiquesNaturschoul

Doropshinn kritt der gesot, dass der net berechtegt sidd op des Dossieren zouzegräifen.

Klickt dann op "**Zugriff anfordern**"



Wann der dat maacht, da kréie mär eng Noriicht, a mär schalten äech dann an deenen nächste ***24 Stonne*** fräi.

> Sie benötigen die Berechtigung für den Zugriff auf diese Site.
>
> Es wird auf die Genehmigung gewartet. Wir informieren Sie über alle Updates.
>
> Wenn Sie Ihre Anforderung aktualisieren möchten, können Sie hier eine Nachricht verfassen.

Wann der bis fräigeschalt sidd, kënnt der fräi op déi Ressourcen zougräifen an och eroflueden. An eisem Dossier selwer kënnt der awer näischt änneren.

*Denkt och fachiwwergräifend : Eis Filmquizzer kann een am Lëtzebuergeschen asetzen an de Quiz dozou man, wou op Lëtzebuergesch gelies gëtt. Eis Fréijoers-Quizzer kënne fir d'Zeechnen a Molen agesat ginn. Des Quizzer an eis nei Rallyë sinn op Däitsch a  kënne fir d'Compréhension an d'Expression écrite agesat ginn. An de Froebéi sinn ëmmer nees mathematesch Probleemer. Bei eisen Trëppeltier a Rallyen ginn ëmmer nees geografesch an historesch Punkte beréiert. . . .*


**Liest eis Remarken zu den Droits d'auteur wegl. um OneDrive !**

Mär si frou fir all Feedback an och Propose, wéi mer eis Offer erweideren an up to date hale kënnen.

Georges



Laurent



Marc



Roby

